Komiteesversammlung vum 5. Mai 2009

Wou: Motty

Présent: Marie-Paule, Raoul, Fränz, Susanna, Vlad, Tessy, Marianne

Absent: /

Themen:

1. Clubrees
2. Grillen Balelec
3. Global Village
4. Diplomanteniessen
5. ACELs Studentenbaal
6. Lausannerbaal
7. Verschiddenes

---

1) Clubrees

- Décisioun op mer deenen wou hier Valise geklaut kruten eppes zreck ginn
- Problem wann deen nächsten eng Kéier eppes geklaut kritt
- Dofir loossen mer d'Memberen ofstemmen per Bréif, well mer dat net wellen alleng decidéieren
- Den Club iwwerhellt net d'Fonctioun vun enger Assurance, mee et soll just en klengen Geste sinn
- 200 chf fir déi 6 Lait wou keng Assurance Bagages hunn
- D'Majoritéit décidéiert

2) Grillen Balelec

- Den Claude Rach huet den Grill
- Wat mer nach hunn:
- Béier: Isabelle 10-15 L an Marianne 2 Sixpack
- Crémant: M.P. 6 Fläschen
- Wain: Raoul 6 Fläschen
- Wat mer mussen akaafen goen:
- Chipsen: 6 Päck (M.P.)
- Kuelen (Fränz)
- Béier: 1 Palette (Vlad)

3) Global Village

- Den Vlad geet an d'Aligro akaafen wann en och fir d'Balelec Grillen geet
- D'Marianne an den Joël hunn d'Deppen
- Sondesowes gett d'Bouneschlupp an der neier Bourdonette gekacht
- Eventuel an der Aligro nokucken fir nei Deppen (2 grouss Deppen)
- Den Raoul brengt d'Museksanlaag an sengem Auto mat
- Wann et mat der CD net klappt (net genuch Haut-parleuren) probéieren mer et mam Marianne sengem Ipod
- Mer hunn keen Problem mat den Prisen
- D'Marianne kennt och mam Auto an brengt d'Bouneschlupp mat an d'Baguetten wou et Méindesmoies kaafen geet
- D'Tessy ass um 8 Auer do fir ze kucken dat mer genuch Decher etc. hunn
- Den Raoul huet d'Piscine an den Vlad huet den Reef
- Den Claude froen fir den letz. Fändel
- Den Fränz brengt eng Foto vum Grand-Duc mat
- Caliquot matbrengen (huet 126€ kascht an mer kruuten en fir 100€)
- D'Mettwurschten sinn vum Raoul sengem Papp gesponsort
- D'Marianne kuckt an sengem Keller no Pousteren an no Ficelle (soss keeft den Vlad nach Ficelle)
- Den Vlad keeft en groussen Plastik fir op d'Anlaag ze maan wann et reent

4) Diplomanteniessen

- Mer ginn an d'Tribecca
- Mer mussen d'Menuer am viraus Bescheed soen
- Den Fränz freet na eng Kéier no op et sou ass an mecht dann eng Préreservatioun fir ongeféier 15 Lait
- Wann mer nemmen kennen een eenzegen Menu huelen dann ginn mer an den Aubergine

5) ACELs Studentenbaal

- Mer sinn vun Fribourg gefrot ginn fir et zesummen ze maan
- Fribourg hät dest Joer och genuch Lait
- Mee d'Aarbecht must dest Joer méi opgedeelt ginn
- Lausanne haat d'Idee mat den Spretzen
- Mer machen et also mat den Fribourger (d'M.P. seet hinnen bescheed)
- Dest Joer sinn manner Opbauaarbechten mee dofir mussen mer méi Reklam maan

6) Lausannerbaal

- Am Wiking därfen mer Entrée froen an Iesssaachen verkaafen (mussen kucken op mer eng extra Genehmegung oder Assurance brauchen)
- Den Patron vum Wiking huet proposéiert dat mer eis eng Kéier zesummen un en Desch setzen an dann kéinten mer alles klären
- Wann dat an der Rei ass seet d'Marianne dem Red of
- D'M.P. huet fir d'Spacebar nogefrot: den Cercle dierft einfach een Gedrenks verkaafen

- Froen fest no fir am Wiking an soen dann dem Red of (Mettwochs am Wiking, Bén. 400-1000€)
- Mettwochs firun der Fouer, 19. August (nach eng Kéier nokucken wini d'Fouer genau ass)

7) Verschiddenes

- Baaler vun den aaneren Cerclen emmer an den Kalenner dran schreiwen an wann et zevill iwwerfellt ass hellt den Joël se raus
- Den Fränz fellt den Questionnaire aus fir d'ACEL fir d'Studenteninformatiounen ze aktualiséieren bis den 25. Mee
- Fir d'Aweiung ass den Refuge resevéiert fir maximum 48 Lait
- Mer huelen méi eng donkel gring bei den Poloen
- D'Tessy schreiwt eng Mail un d'Memberen fir ze kucken wini se se kennen umoossen